# UNESCO WELT-KULTURIERWEN




WELTERBE · PATRIMOINE MONDIAL · WORLD HERITAGE

## SPAZÉIERWEE

LËTZEBUERG
AALSTAD A FESTUNG

© Vic Fischbach




© Vic Fischbach

Zanter 1994 stinn **d'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg an hir al Quartieren** op der Lëscht vum Patrimoine mondial vun der UNESCO.

D'UNESCO-Promenade zu Fouss, genee wéi den Tour mam Vëlo, erlaben, dëse Site a seng schéinsten Attraktiounen an 90 Minutten ze erliewen.

## Panorama op d'Alstad an de Gronn



D’Stadbild vu Lëtzebuerg ass en urbanisteschen Ensembel. E verbënnt mëttelalterlech, klassesch a modern Elementer. Déi gréng Däller, Baach a Floss, eng sëlleche Brécken an eng grandios Architektur reflektéieren de kulturelle Mosaik, dee Lëtzebuerg esou eenzegaarteg mécht.




## ËNNERWEE

1. D'Constitutiounsplaz
2. De Park an der Péitruss
3. Um Hellege Geescht
4. D'Grënnesch Paart
5. D'Corniche
6. De Bock an d'Kasematten
7. Um Rampaart
8. De Fëschmaart – d'Méchelskierch
9. De Palais
10. D'Place Clairefontaine
11. D'Kathedral – d'Nationalbibliothéik

## NET WÄIT EWECH

- A Casino - Forum d'Art Contemporain
- B Greins Kapell
- C Naturmusée 📌
- D Centre Culturel de Rencontre Abtei Neimënster
- E Grënnesch Kierch, schwaarz Muttergottes
- F Statu vun der Melusina
- G Kasematten ënnert dem Bock 📌
- H Park Mansfeld
- I Gebuertshaus vum Robert Schuman
- J MUDAM - Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean 📌
- K Fort Thungen – Musée Dräi Eechelen 📌
- L Muerbelsmillen
- M Nationalmusée fir Konscht a Geschicht 📌
- N Lëtzebuerg City Museum 📌
- O Luxembourg City Tourist Office
- P Cercle Cité

📌 *gratis Entrée mat der „Luxembourg Card"*


PLATEAU DU KIRCHBERG
J
K
I
H
FORT THÜNGEN
Clausen- Plateau de Kirchberg
L
7
M
MARCHÉ
AUX POISSONS
8
6
MONTÉE DE CLAUSEN
G
RUE DE LA BOUCHERIE
RUE DU MARCHÉ-AUX-HERBES
5
9
F
E
RUE LARGE
D
RUE DU ST ESPRIT
RUE DE L'EAU
10
N
4
C
PLACE
LAIREFONTAINE
PLATEAU
DU RHAM
CHEMIN DE LA CORNICHE
PLATEAU DU
SAINT-ESPRIT
3
T PASSERELLE
B




# D'Constitutiounsplaz

1

**D'Place de la Constitution** 📷 gouf op der Plattform vum Bastion Beck amenagéiert, dee 1644 gebaut gi war, an déi 1685 vum Sébastien Le Prestre de Vauban, dem Architekt a militäreschen Ingenieur ënner dem Louis XIV, nei amenagéiert ginn ass. Dës Plaz bitt en exceptionelle Panorama iwwer dat gréngt Péitrussdall an op d'Nei Bréck (**Pont Adolphe**) 📷. Si war an de Joren 1900 a 1903 no de Pläng vum Ingenieur Paul Séjourné gebaut ginn. Deemools gouf si, mat enger Spanwäit vu 84,55 Meter, als dat gréisste Steewierk an der Welt ugesinn. Zanter 2017 verleeft ënnert der Bréck eng Passerell fir Foussgänger a Vëlosfuerer. Si setzt d'Ingenieurs-Baukonscht voll en valeur.

📷 . . . . . . . . . . . . . **GËLLE FRA** ▼

D' „**Gëlle Fra**" ass d'Wierk vum Lëtzebuerger Sculpteur Claus Cito. Dëst Monument ass 1923 opgestallt ginn, fir deene Lëtzebuerger ze gedenken, déi ënner dem franséische Fändel am Éischte Weltkrich gedéngt hunn. 1940 ass dëst Monument vum Nazi-Okkupant zerstéiert ginn. 1984 ass et restauréiert ginn.






D'Nei Bréck an d'Spuerkeess ▲

Um **Plateau Bourbon** op der Gare dominéiert de polygonalen Tuerm vun der Spuerkeess am Neo-Renaissance-Stil. Lénks dovu steet de fréiere Siège vun der **ARBED** (Aciéries réunies de Burbach, Eich et Dudelange). Dëse gouf 1921 vum Lëtzebuerger Architekt Sosthène Weis no de Pläng vum franséischen Architekt René Théry gebaut. Dëst Gebai orientéiert sech u fréieren aristokratesche Residenzen, déi als Virbild gegollt hunn. D'Gebai erënnert haut un déi glorräich industriell Geschicht vum Land no der Decouverte vum Eisenäerz am Süden. D'Produktioun vun Eisen a Stol war eng gutt Zäit laang d'Lokomotiv fir d'Entwécklung vun der Lëtzebuerger Ekonomie.

2014 ass dat prestigiéist Gebai vun Arcelor-Mittal un **d'staatlech Bank a Spuerkeess** verkaaft ginn a gouf als Monument national klasséiert.

De Paräisser Traité vum 18. Abrëll 1951 huet déi europäesch Kuelen- a Stol-Communautéit d'CECA gegrënnt. Rietserhand, op der Metzer Plaz, wou déi al Direktioun vun der Eisebunn steet (1911, Architekte Karl Jüsgen an Nicolas Petit) huet d'CECA 1952 mat schaffen ugefaangen.




▲ ARBED | haut BCEE

Fréiert d'Gebäi vun der CECA, Kuelen- a Stol-Communautéit ▼





# De Park an der Péitruss

© Vic Fischbach

## 2

De **Park an der Péitruss** war vum bekannte franséischen Architekt - Paysagist Edouard André entworf ginn. En datéiert aus dem spéiden 19. Joerhonnert a gouf deemools als „la plus belle scène d'Europe" bezeechent. Dat besonnescht un dësem ëffentleche Park ass fir d'éischt seng apaart Topografie, dann déi originell Fielsformatiounen a schliisslech d'Iwwerreschter vun de Festungsanlagen. All zesumme bidde si eng formidabel Kuliss. **D'Greins Kapell**, déi an de Fiels agebaut ass, weist zum Dall hin eng Fassad, déi aus dem 14. Joerhonnert datéiert. Et ass eng vun deenen eelste Kultplazen aus der Stad. De **Skatepark**, dee säitlech ënner dem Viaduc vun der Stad Lëtzebuerg amenagéiert gouf, integréiert sech gutt an d'Landschaft.

De Viaduc, och nach „Passerell" oder „**Al Bréck**" genannt, gouf vun den Ingenieuren Edouard Grenier an Auguste Letellier entworf. En ass tëschent 1859 an 1861 gebaut ginn, fir de Garer Quartier mat der Stad, déi deemools nach eng Festung war, ze verbannen.

Skatepark ▼



© Ville de Luxembourg



# Um Hellege-Geescht

© Vic Fischbach

## 3

Um **Hellege-Geescht-Plateau** stoung um Ufank e Klouschter, dat 1234 gegrënnt gi war. Vun 1340 bis 1610 gouf hei d'Schueberfouer ofgehalen. Dono gouf si baussecht d'Mauere vun der Stad verluecht. Am 17. Joerhonnert huet de Vauban dësen impressionnante Site vun der **Zitadell** mat Kasären a Kasematten nei ugeluecht. Déi national Archive sinn an engem fréiere Militärsspidol aus dem 19. Joerhonnert ënnerbruecht. Eng vun de Rotonden vun der Zitadell gouf mat Lëtzebuerger Rouse beplanzt, déi besonnesch gutt richen. Dëse Gaart erënnert un eis weltbekannt Rousenindustrie am 19. Joerhonnert. Et ass ee vu méi Rousegäert am Land.

Zanter 2008 steet d'**Cité judiciaire** um Plateau vum Hellege-Geescht. Si besteet aus sechs Gebaier, déi de Lëtzebuerger Architekt Rob Krier entworf huet.

### LONDONER VERTRAG




De Londoner Vertrag vum 11. Mee 1867 ass vun de groussen europäesche Muechte vun där Zäit ënnerschriwwe ginn an huet d'Neutralitéit vum Grand-duché proklaméiert. Fir dës Neutralitéit ze garantéieren, hunn d'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg, déi deemools „Gibraltar vum Norden" genannt gouf, misse geschleeft ginn. Si hunn ni méi däerfen opgebaut ginn. D'Garnisoune mat ëm déi 4000 Zaldoten, déi zu der däitscher Bundesgarnisoun gehéiert hunn an deemools an der Stad stationéiert waren, hu missten heemgoen. Haut bestinn nach 23 Kilometer vun den ënnerierdesche Kasematten. Déi drëtt Enceinte ass en Deel vun de Wenzel- a Vauban-Trëppelweeër.



# D'Grënnesch Paart

© Vic Fischbach

4

Si gëtt och nach d'Spuenesch Paart genannt, well si am 17. Joerhonnert gebaut gouf. Si ass d'Entrée fir d'Uewerstad. De **Gronn** ass e Quartier, deen e ganz harmoneschen Architekturensembel weist. Hei ass „Patrimoine" keen eidelt Wuert, well hei verbanne sech Elementer aus dem Mëttelalter mat enger intakter Natur laanscht d'Uelzecht. De Gronn ass ee vun deenen eelste Quartiere vun der Stad. Hei hu scho Leit virum 10. Joerhonnert gelieft. Si ware meeschtens Handwierker oder Händler. Déi fréier benediktinesch Abtei vun Neimënster war 1606 gebaut ginn. D'Franséisch Revolutioun huet se seculariséiert. Vun dunn u gouf si als Kasär an dono als Männerprisong genotzt. Zanter 2004 ass hei de Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster (Neimënster) doheem. De „**Klouschtergaart**", ass e Geméisgaart an e Wéngert zougläich. E läit wonnerschéin an der Sonn, um Fouss vum mächtege Bockfiels. Dës Lag erkläert dat agreabelt Mikroklima. Hei geet et drëms, fir rare Planzen en neie Liewensraum ze ginn. Beiestäck suerge fir d'Produktioun vun natierlechem Hunneg. De Site ass an Terrassen opgebaut, wat dem Klouschtergaart e ganz spezifesche Charakter gëtt. Déi permanent an temporär Ausstellungen am **Naturmusée** invitéieren op richteg Entdeckungsreesen iwwert d'Evolutioun an d'Biodiversitéit. De Musée gouf am fréieren Hospice Saint-Jean ageriicht. D'Originne vum Gebai gi bis 1308 zeréck.

Neimënster Klouschtergaart ▸



@Catherine Decker



# D'Corniche

© Vic Fischbach

## 5

De Lëtzebuerger Schrëftsteller Batty Weber huet d'**Corniche**, „dee schéinste Balcon an Europa“ genannt. Si féiert iwwer d'Remparten aus dem 17. Joerhonnert. Si waren ënner de Spuenier a Fransouse gebaut ginn. Si féieren héich iwwer d'Ënnerstad vum Gronn a ginn och eng schéi Vue eriwwer op d'Rumm. Hei gesäit een am beschten, wat d'Typologie vun der Haaptstad duerstellt. Opfälleg sinn déi méi schmuel a méi breet Haiser, deenen hir Fassaden zwou oder dräi, alt fënnef Fënsteren um Stack kënnen ëmfaassen. Héich Diech mat véier Versante sinn eng weider Charakteristik.


## D'MELUSINA



© Jaques Nicolay

D'Seeche vun der schéiner **Melusina** ass e Stéck vum Mythe a vun der Geschicht iwwer d'Grënnung vun der Stad. Vill Kënschtler, Historiker an Dichter hu sech vun der geheimnisvoller Melusina fir hir Aarbechten inspiréiere gelooss. D'Seeche verzielt, de Grof Siegfried – de Begrënner vu Stad a Land – hätt d'Melusina bestuet, déi a Wierklechkeet sollt eng Nix gewiescht sinn. Dem Siegfried säin ondezente Virwëlz huet d'Melusina esou verzweiwele gelooss, datt si sech aus dem Schlass erof an d'Uelzecht gestierzt huet. De Siegfried ass de Begrënner vum Haus Lëtzebuerg, dat dem Hellege Réimesche Räich véier Keeseren a Béimen véier Kinneke geschenkt huet.

De Lëtzebuerger Kënschtler Serge Ecker huet 2013 d'Statu vun der Melusina entworf a realiséiert. Si steet direkt ënner dem Bockfiels. Bei sengem Projet hu sech Geschicht an nei Technologien zesummefonnt. En 3D-Scan vun engem Fraekierper gouf iwwer numereschen Chat bis a seng definitiv Form era finaliséiert. Datt d'Statu aus Keramik ass, ass keen Zoufall, am Gronn haten d'Aulebäcker Traditioun.



# De Bock an d'Kasematten

© Vic Fischbach

6

Vun der Corniche aus geet et weider op de **Bock**. Hei stoung am 10. Joerhonnert d'Grofeschlass vun de Lëtzebuerger, souzesoen d'Wéi vu Lëtzebuerg. D'Schlass gouf am 16. Joerhonnert zerstéiert. Well et der Evolutioun vun der Technik an der Artillerie net méi nokomm ass, gouf d'Schlass schliisslech verlooss. Eréischt am 17. Joerhonnert gëtt de ganze Bockfiels den neiste Kenntnisser vun der Festungsstrategie a Waffenentwécklung ugepasst. D'archeologesch Krypta an **d'Kasematten**, déi ënnerierdesch Gäng, déi an de Sandsteen gehae goufen, sinn onbedéngt kuckeswäert. En face vum Bock, um Hank vum Kierchbierg, steet de **Fort Thungen.** Hien datéiert vu 1732. Just nach 3 Originaltierm sinn dervun erhalen. Zanter 2012 ass de **Musée Dräi Eechelen** hei doheem. Hie verzielt déi spannend Geschicht vun der Festung Lëtzebuerg. Direkt hannendru läit de Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean och **MUDAM** genannt, deen 2006 seng Dieren opgemaach huet. Dëse Musée gouf vum chinesesch-amerikaneschen Architekt Ieoh Ming Pei entworf.

Just ënnert dem Bock, a Richtung Kierchbierg, gesäit een dem **Robert Schuman** säi Gebuertshaus. Hien ass 1886 zu Lëtzebuerg-Clausen op d'Welt komm. Hie mécht eng Carrière als franséische Staatsmann a gëllt als ee vun de Päpp vun der Europäescher Unioun.



© Vic Fischbach

◂ Fort Thungen - Musée Dräi Eechelen an de MUDAM




# Um Rampaart

## 7

▼ Déi 3 Tier




Direkt bei der **Schlassbréck** (1735) steet e Gedenksteen, deen 1936 opgeriicht gouf, an deen drun erënnert, datt de **J. W. Goethe**, wéi hie 1792 wärend der „Kampagne in Frankreich" duerch Lëtzebuerg ënnerwee war, d'Stad als wonnerschéi beschriwwen huet. En Zitat dovunner steet um Steen ze liesen. D'Schlassbréck ass e Meeschterwierk vun der militärescher Ingenierie. Iwwert zwee Stäck verbënnt si de Bock mat der Uewerstad, do derbäi kommen nach ënnerierdesch Passagen, soudatt am Fong véier Weeër matenaner déi zwou Säiten ënnertenee verbannen.

Eise Wee geet weider, riets laanscht d'Arkade vum **Conseil d'État** a Richtung Pafendaller Bierg. De Wee féiert iwwert de fréiere Wee vum **Rampaart**, deen am 16. Joerhonnert ugeluecht gouf. Déi **Dräi Tier** sinn u sech eng vun de fréieren Haaptentréeë fir erop an d'Uewerstad. Den Numm weist einfach nëmmen op hir Bauform hin. Si sinn deen eenzege militäreschen Zeien aus dem Mëttelalter an der Uewerstad.

▼ Schlassbréck





# Fëschmaart – Méchelskierch

© Vic Fischbach

8

D'Stroosse vun der **Alstad** (Breedewee, Fleeschiergaass, rue de la Loge, rue de la Monnaie) an de Fëschmaart selwer erënneren un d'Zäite vum Mëttelalter. Eenzel Haiser verkierpere méi staark d'Geschicht, esou d'Haus „Ënnert de Stäiler" oder d'Haus mam Tiermchen, wou d'Nationaldevise vu Lëtzebuerg dropsteet „Mir wëlle bleiwe wat mir sinn!"

Ouschterméindeg steet de Fëschmaart am Mëttelpunkt vum grousse folkloristesche Fest **Eemaischen**, dat un dat kierchlecht Fest vun Emmaus erënnere soll.

Méchelskierch ▾



© Vic Fischbach

D'Originne vun der **Méchelskierch** gi bis an d'7. Joerhonnert zeréck. 987 huet de Grof Siegfried den Äerzbëschof Egbert vun Tréier gebieden, fir d'Kierch anzeseenen. Si gouf deemools dem Jesus – dem Mënscheretter – als Patréiner ënnerstallt. Iwwert d'Joerhonnerten erduerch gouf d'Méchelskierch ëmmer nees zerstéiert, nei opgebaut, ëm- an ausgebaut. Haut weist si sech wéi 1688. Den Héichaltor gouf 1770 vum Artist Barthélémy Namur geschnëtzt. D'Uergel datéiert aus dem 17. Joerhonnert.

Den **Nationalmusée fir Geschicht a Konscht** weist räich ëffentlech Kollektiounen am Beräich vun de Beaux-arts, den Arts déco-



© Vic Fischbach

Nationalmusée fir Geschicht a Konscht ▲

ratifs an der folkloristescher Konscht. De Medailles-Cabinet weist e puer ganz rar Mënzen a wäertvoll Medaillen. Ënnert allen Objete stécht iewel virun allem den „Viichtener Mosaik“ ervir. Mat senge Muse-Representatiounen ass et ee vun deene gréissten op däser Säit vun den Alpen.

De fréiere Palais de Justice ass zanter 2017 de **Ministère des Affaires étrangères et européennes**. Den imposanten, tipptopp restauréierte Bau féiert op d’Joer 1545 zeréck, wou de Conseiller du Roi Nicolas Greisch hei en Haus baue gelooss huet. 1564 keeft de Gouverneur Ernest de Mansfeld (1517-1604) d’Gebai an adaptéiert et fir als **Sëtz vun de Gouverneure vu Lëtzebuerg** ze déngen. Bis 1795 gouf et an däser Funktioun genotzt. Wéi den Ancien Régime ofgeschaaft gouf, hunn déi nei Autoritéiten decidéiert, hei d’Geriicht ze etabléieren. Hei blouf et bis 2008.

## EEMAISCHEN


© SIP

Zanter 1827, steet op Ouschtersonndeg de Fëschmaart am Mëttelpunkt vun der Eemaischen, engem grousse folkloristesche Fest, wat alljoers vill Leit unzitt. 1937 haten sech eng Rei Awunner aus dem Quartier zesummegedoen, fir dës flott Traditioun nei opliewen ze loossen. Hei gi besonnesch Tounwuere verkaf. Aus däser Initiativ goung den „Comité Alstad“ ervir. Verléifte Koppele schenke sech Péckvillercher, d.h. Päifen aus Toun, als Zeeche vu Fruchtbarkeet. Däsen traditiounsräiche Maart gehéiert haut zu der Mémoire immatérielle vu Lëtzebuerg.




# 9

De **Palais** ass e Bau am Stil vun der flämescher Renaissance.

Hie gouf vum „Baumeister“ Adam Roberti, an der zweeter Hallschent vum 16. Joerhonnert gebaut. D'Gebai hat deemools d'Funktioun vun der Märei. D'Funktioun als Stadhaus bleift bis 1795 erhalen an dëst gëtt dann de Siège vun der Prefektur vum Département des Forêts, a vun 1817 un den Hotel du Gouvernement. Zanter 1890 ass d'Gebai „Palais“ déi offiziell Residenz vum Grandduc wärend sengen Openthalter an der Stad. Dee prachtvollen Interieur mat senge Receptiounssäll kann am Summer besichtegt ginn.

No der Onofhängegkeet am Joer 1839 huet sech d'Ständeversammlung am Hotel du Gouvernement, dem aktuelle Palais, getraff. Eréischt vun 1860 u versammelt sech **d'Chamber** an hirem eegene Gebai. D'Chambersgebai gëtt e puer Mol am Laf vum 19. an 20. Joerhonnert vergréissert an hëlt haut en Deel vum Haff vum Palais mat an.

De **Lëtzebuerg City Museum (LCM), Geschichtsmusée vun der Stad**, gouf a véier ale Patrizierhaiser ageriicht, déi och als Abteirefuge genotzt gi sinn. Dës Haiser „Um Hellege Geescht“ datéieren aus dem 17. bis 19. Joerhonnert. Bei eenzele ginn d'Ursprénq esouguer bis an d'Mëttelalter zeréck. Dem LCM seng Dauerausstellung weist d'Geschicht vun der Stad an déi historesch Maquettë ginn e gudden Iwwerbléck, wéi sech d'Stad entwéckelt huet. De Musée weist och Themenausstellunge mat sozio-kulturellen Aspekter, déi an enger historescher Optik traitéiert ginn.




10

Zanter 1975 ass den **Hôtel de Bourgogne** d'offiziell Residenz an d'Aarbechtsplaz vun der Lëtzebuerger Regierung. Hei huet och de **Ministère d'État** säi Sëtz. D'Gebai selwer gëtt fir d'éischt 1447 als Residenz vum Representant vum burgundeschen Herzog, Charles le Téméraire, genannt.

... Hôtel de Bourgogne ▼




D'Plaz **Clairefontaine (Um Schoulbierg)** läit an direkter Noperschaft zu der Kathedral an dem Regierungsquartier. Dës Plaz gouf et net virun 1935. Dem historesche Kader vum Quartier entspriechend gouf dëse Square ronn 50 Joer drop nei amenagéiert an dréit esou mat zu der Valorisatioun vun der Alstad bäi. Dominéiert gëtt de Raum vun der Statu vun der **Groussherzogin Charlotte**, déi tëscht 1919 an 1964 regéiert huet. D'Statu ass e Wierk vum Paräisser Artist Jean Cardot a steet fir d'Resistenz vum Land géintiwwer dem Nazi-Okkupant. Sankt Maximäin ass de Refuge vun den Äbt a Patere vun der Tréierer Abtei **Sankt Maximin** zu Tréier. D'Gebai gouf 1751 gebaut. Kuerz no der Sekulariséierung gouf et de Sëtz vum Festungskommandant bis 1867. Dono gouf et genotzt als Regierungssëtz. De Ministère des Affaires étrangères et européennes war de leschten Hausbär bis 2017.

**D'Plaz Wëllem II** krut hiren Numm zu Éiere vum Kin-

## KNUEDLER




De Wëllem um Päerd ▲

Déi fréier Franziskanerkierch um Knuedler war mat eng vun deene schéinsten an der Stad. Hei ware Perséinlechkeete wéi d'Gouverneure Pierre Ernest de Mansfeld a Jean Beck begruewen. De Jang de Blannen, Kinnek vu Béimen a Grof vu Lëtzebuerg, an de Charles le Téméraire waren eng Zäit hei begruewen. D'Klouschter gouf 1795 Staatsproprietéit, den Uerde gouf 1796 opgehuewen. 1827 gouf d'Klouschter ofgerappt, fir datt hei déi gréisste Plaz vun der Stad konnt entstoen. Et sollt eng ëffentlech Plaz ginn, dominéiert vum Stadhaus a vum Palais vum Festungsgouverneur. Dëse leschte Bau gouf allerdéngs ni realiséiert. All Woch ass hei mëttwochmueres a samschdesmueres Maart. De Wëllem um Päerd steet dann am Zentrum vun enger Hellewull Maartstänn.

D'Stadhaus mam Knuedler ▼




nek-Groussherzog Wëllem II. Am Volleksmond gëtt si „de Knuedler" genannt. Hei entstoung um Enn vum 13. Joerhonnert d'Franziskanerklouschter. D'Patere goufen d'Knuedler genannt, well si e Seel mat Kniet (Knuet am Singulier) ronderëm d'Taille gebonnen haten. D'Reiterstandbild vum Kinnek-Groussherzog Wëllem II vun Oranien-Nassau gouf 1884 opgeriicht. D'Wierk vum franséische Kënschtler Antonin Mercié sollt drun erënneren, datt de Kinnek-Groussherzog Wëllem II. Lëtzebuerg 1848 seng éischt parlamentaresch Constitutioun ginn huet. Dës Verfassung war deemools eng vun deene liberaalsten an Europa.

D'Éierentrap erop bei d'**Stadhaus** gouf tëscht 1830 an 1838 gebaut. De Projet vum Stadhaus féiert op de Lécker Architekt J. E. Rémont zeréck. Zanter 1931 ass se vun zwee Léiwe vum Lëtzebuerger Sculpteur Auguste Trémont flanquéiert. Den 10. August 1952 gouf am Stadhaus de Grënnungsakt vun der **CECA** ënnerschriwwen.




# D'Kathedral – d'Nationalbibliothéik

## 11

**D'Kathedral vu Lëtzebuerg** gouf 1621 geweit. Si war d'Kierch vun de Jesuittepateren zu Lëtzebuerg. Si ass e schéint Beispill vun der Spéitgotik a räich u wäertvolle Renaissance-Skulpturen. Um Enn vum 18. Joerhonnert gouf d'Statu vun der Muttergottes, der Tréischterin am Leed, Patréinesch vu Stad a Land, definitiv an der haiteger Kathedral opgestallt. De Poopst Pius IX. huet d'Kierch 1879 zur Bëschofskierch vu Lëtzebuerg ernannt. 1870 war Lëtzebuerg en eegene Bistum ginn. 1935 a 1938 gouf d'Kathedral no Süden hi vergréissert. An der Krypta sinn d'Griewer vun de Lëtzebuerger Bëscheef, an déi vu Membere vun der groussherzoglecher Famill ze gesinn. Och de Jang de Blannen (1296-1346), Jong vum Keeser Henri VII. a Kinnek vu Béimen, läit hei. De Jang de Blannen ass gestuerwen an der Schluecht vu Crécy. De Lëtzebuerger Grof ass eng typesch Figur fir d'Mëttelalter. Hie war trei dem Keeser vum Hellege Réimesche Räich an dem Kinnek vu Frankräich. Souzesoen als Protoeuropäer war hie bei alle signifikante Schluechte vun deemools derbäi. An den Nopeschgebaier vun der Kathedral, déi op d'Constitutiounsplaz ginn, war fréier (1603-1773) de Jesuitte-Kolléisch. Am 19. an 20. Joerhonnert war hei den „Kolléisch“, den „Athénée grand-ducal“ doheem. Vun 1973 bis 2018 war hei **d'Nationalbibliothéik** ënnerbruecht.




D'Tréischterin am Leed ▲




Zur Zäit vun de Réimer hunn zwou Konsular-Stroossen den Territoire vun der haiteger Alstad duerchquierscht. Si hu sech gekräizt op der Héicht vum Fëschmaart, wou e befestegten Tuerm stoung.

**963** De Grof Siegfried gëtt Proprietaire vum Bockfiels. Hie baut do säi Schlass, d'Wéi vun der Stad.

963- 1354 Lëtzebuerg ass eng autonom Grofschaft.

**1083** Grënnung vun der Abtei Almënster, direkt ënnert dem Schlass. Hei gëtt Latäin, Franséisch an Däitsch enseignéiert. Hei gëtt d'Fëllement vun der Lëtzebuerger Méisproochegkeet geluecht.

**1244** Fräiheetsbréif vun der Gräfin Ermesinde: Lëtzebuerg ka sech als wirtschaftleche Standuert entwéckelen.

**1340** Grënnung vun der „Schueberfouer" oder „Schobermess" duerch de Grof Jang de Blannen: Lëtzebuerg positionéiert sech op dem Handelswee Italien-Gotthard-Flandern.

**1354** Lëtzebuerg gëtt en Herzogtum.

**1443** Lëtzebuerg gëtt vun de Burgunder ageholl.

Burgundesch Zäit. (1443-1506)

**1506** Spuenesch Zäit. (1506-1684)

| | |
|---|---|
| **1554** | Schwéier Polverexplosioun: e gudden Deel vun der Uewerstad gëtt duerch d'Feier zerstéiert. |
| **1684** | Lëtzebuerg gëtt vun den Truppe vum Louis XIV ageholl: Lëtzebuerg gëtt franséisch. |
| | Franséisch Zäit – de Vauban baut d'Festung aus. (1684-1697) |
| **1698** | Spuenesch Zäit. (1698-1700) |
| **1701** | Spueneschen Ierffollegkrich. (1701-1714) |
| **1715** | Éisträichesch Zäit. (1715-1795) |
| **1795** | Lëtzebuerg gëtt vu franséische republikaneschen Truppen ageholl: D'Land gëtt d'„Département des Forêts". Franséisch republikanesch Zäit. (1795-1814) |
| **1815** | Lëtzebuerg gëtt e Grand-duché. De Kinnek vun Holland ass duerch d'Personalunioun mam Land Groussherzog vu Lëtzebuerg. D'Festung gëtt Bundesfestung vum Däitsche Bond. D'Haus Orange-Nassau regéiert iwwert d'Land. (1815-1890) |
| **1839** | Lëtzebuerg gëtt onofhängeg. |
| **1867** | Traité vu London: Lëtzebuerg gëtt politesch a militäresch neutral ; d'Festung gëtt geschleeft, d'Festungsstad gëtt zur oppener Stad. |
| **1890** | D'Haus Nassau-Weilburg regéiert iwwert d'Land. (1890 - Haut) |
| **1952** | Lëtzebuerg gëtt provisoresch d'Aarbechtsplaz vun der CECA – „Haute Autorité des Communautés Européennes du Charbon et de l'Acier". |
| **1992** | Den europäesche Sommet vun Édimbourg confirméiert, datt Lëtzebuerg zesumme mat Bréissel a Stroossbuerg Sëtz vun europäeschen Institutiounen ass. |
| **1994** | d'Festungswierker vun der Stad Lëtzebuerg an hir al Quartiere ginn an d'Weltlëscht vum Patrimoine bei der UNESCO opgeholl. |
| **1995** | Lëtzebuerg gëtt Kulturhaaptstad vun Europa. |
| **2007** | Lëtzebuerg an d'Groussregioun gi Kulturhaaptstad vun Europa. |

## G Kasematte vum Bock

10. Feb-29. Mäerz; 1. Okt-4. Nov 2018, all Dag op: 10-17h30, 30. Mäerz-30. Sept, all Dag: 10-20h30
touristinfo@lcto.lu
www.luxembourg-city.lu

## M Nationalmusée fir Geschicht a Konscht

Dë-So: 10-18h00, Do: 10-20h00, an de Schoulvakanzen ass och op.
Marché-aux-Poissons
L-2345 Luxembourg
+352 47 93 30 1
musee@mnha.etat.lu
www.mnha.lu

## Groussherzogleche Palais

Visite-guidéeë vun de Receptiounssäll vu Mëtt Juli bis Enn August.
17, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
touristinfo@lcto.lu
www.luxembourg-city.lu

## N Lëtzebuerg City Museum

Dë-So: 10-18h00, Frei: 10-20h00, an de Schoulvakanzen ass och op
14, rue du St-Esprit
L-2090 Luxembourg
+352 47 96 45 00
mhvl@2musees.vdl.lu
www.citymuseum.lu

## Kathedral vu Lëtzebuerg

Mé-So: 8-20h00
Rue Notre Dame
L-2240 Luxembourg
+352 46 20 23
archeveche@cathol.lu
www.cathol.lu

## A A Casino Luxembourg – Forum d'art contemporai

Mé-So: 11-17h00, Do: 11-23h00
Zou: Dë, 1. Jan, 1. Nov, 25. Dez
41, rue Notre-Dame
L-2240 Luxembourg
+352 22 50 45
info@casino-luxembourg.lu
www.casino-luxembourg.lu

## C Naturmusée

Dë: 10-20h00, Më-So: 10-18h00
24, rue Münster
L-2160 Luxembourg
+352 46 22 33 1
musee-info@mnh.lu
www.mnhn.lu

## D Centre Culturel de Rencontre Abbaye de Neumünster (Neimënster)

Mé-Fr: 8-19h00, WE: 10-20h00
28, rue Münster
L-2160 Luxembourg
+352 26 20 52 1
contact@neimenster.lu
www.neimenster.lu

## H Parc Mansfeld

Nov-Feb: 7h30-18h00
Mäerz: 7h30-20h00
Abrëll-Sept: 7-22h00
Okt: 7h30-20h00

*D'Buchstawen X bei de Sitten verweisen op de Plang vun de Säiten 4 a 5*

### J MUDAM-Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean

Mé-Fr & op Feierdeeg: 10-18h00, WE: 10-23h00 (d'Ausstellungsraim maachen um 22.00 Auer zou), méindes ass zou.

3, Park Dräi Eechelen
L-1499 Luxembourg

+352 45 37 85 960

info@mudam.lu

www.mudam.lu

### K Fort Thungen – Musée Dräi Eechelen

Dë, Fr - Sonn: 10-18h00,
Donn: 10-20h00

5, Park Dräi Eechelen
L-1499 Luxembourg

+352 26 43 35

info@m3e.etat.lu

www.m3e.lu

### L Al Moschterfabrik „Muerbelsmillen“

Dokumentatiounszenter

Sa-So: 14-18h00

69, rue de Mohrfels
L-2158 Luxembourg

+352 47 96 45 01

visites@2musees.vdl.lu

www.citymuseum.lu

### P Cercle Cité

Ëffnungszäiten: Kuckt de Programm vun de Manifestatiounen

Place d'Armes
L-1136 Luxembourg

+352 47 96 51-33

info@cerclecite.lu

www.cerclecite.lu

D'„Luxembourg Card“ ass eng ideal Solutioun fir Frënn vun der Kultur. Wärend engem, zwee oder dräi Deeg kënnt Dir selwer oder an engem Grupp bis zu fënnef Leit gratis Entréeën hu bei méi wéi 60 Muséeën an Attraktiounen uechter d'Land. Dobäi kënnt, datt mat der „Luxembourg Card“ den ëffentlechen Transport (Bus, Tram, Bunn) iwwerall gratis ass.
www.visitluxembourg.com . Kuckt och an den App store a bei Google play. Präis 13-68 €, eng Informatiounsbroschür ass am Präis mat abegraff.
Entdeckt den „Patrimoine mondial“ och an engem Buch, dat Dir am Shop vum City Tourist Office an am „Luxembourg House“ (2, rue de l'Eau) ze kafe kritt. Gitt mat op enger Visite guidée: Kasematten um Bock, Tréppelweeër Wenzel, Mansfeld, Vauban. Gitt mat op der City Promenade.




## GRATIS ENTRÉE MAT DER „LUXEMBOURG CARD“

### O Luxembourg City Tourist Office

Okt-Mäerz: 9-18h00
Abréll-Sept: 9-19h00
So, Vakanze: 10-18h00

30, place Guillaume II
L-1648 Luxemburg

+352 22 28 09

touristinfo@lcto.lu

www.luxembourg-city.lu



© SDM

WELTERBE · PATRIMOINE MONDIAL · WORLD HERITAGE

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

VILLE DE
LUXEMBOURG

UNESCO
Organisation
des Nations Unies
pour l'éducation,
la science et la culture

Commission luxembourgeoise
pour la coopération
avec l'UNESCO

luxembourg
city tourist office

Frënn vun der Festungsgeschicht
Lëtzebuerg - a.s.b.l.

COMITE ALSTAD

Patrimoine
Roses pour le
Luxembourg
Le cœur battant de votre jardin

INTERESSEVERÄIN
PAFENDALL-SICHENHAFF

Syndicat du Stadtgrund
20 rue Saint Ulric
L-2651 Luxembourg

Geschichtsfrënn
St. Quirinus
a.s.b.l.

**Editor :** Commission luxembourgeoise pour la coopération avec l'UNESCO an Zesummenarbecht mat: Stad Lëtzebuerg, Ministère de la Culture, Ministère du Développement durable et des Infrastuctures, Luxembourg City Tourist Office, Comité Alstad, Syndicat des Intérêts Locaux Pfaffenthal-Siechenhof, Syndicat des Intérêts Locaux du Stadtgrund, Les Amis du château de Clausen, Frënn vun der Festungsgeschicht, Geschichtsfrënn St Quirinus, Patrimoine Roses pour le Luxembourg.

**Layout :** Kiwi media
**Fotorechter :** sti beim Bild
**Drock :** Imprimerie Schlimé
**Tirage :** 1000

© 2018
www.unesco.lu